Lëtzebuerger Guiden a Scouten

#ScoutenDoheem

CaraPio Lëtzebuerg

# EXPERIMENTER

Woche laang seng Kolleegen net gesinn, Schoul ouni Moies op de Bus ze hetzen an ouni Schoulhaff, Musekscours iwwer VideoCall, Futtballtraining eleng am Gaart, fräiwëlleg fir friem Leit akafe goen, Gebuertsdag ouni Party, net méi aus dem Haus ouni d'Mask dobäi ze hunn, vill ze vill Samschdeger ouni Scoutsversammlung asw. – d'Experiment « wéi verginn d'Woche mat wéineg sozial Kontakter a mat ganz vill Zäit doheem » hu mir all déi lëscht Woche méi oder manner fräiwëlleg matgemaach.

Och wa mir dobäi vill iwwert eis selwer, iwwer dat wat eis wichteg ass an eisen Ëmgang matenee geléiert hunn, gëtt et awer natierlech och eng ganz Rei Experimenter déi méi e lëschtegen Hannergrond hunn.

Fir dass du dech net langweils, elo wou d'Päischtvakanz vrun der Dier steet, hu mir hei en Typ fir dech wou's de vill interessant Experimenter fir doheem fënns. Wéi wier et z.B. mat engem selwer gebaute Kompass, engem Solarboot, enger Waasserrakéit oder hues de schonn eng Kéier probéiert e réit Ee ze schielen ouni et futti ze maachen ? *

**Op dësem Site fënns de ganz vill Experimenter fir doheem :**

https://science.lu/de/experimentieren

Vill Spass beim Experimentéieren !

Lénks Patt,
Deng CaraPio-Ekipp

* Déi uewen genannten Iddien fënns de hei :
https://science.lu/de/himmelsrichtungen/baue-einen-kompass
https://science.lu/de/modellboot/baue-ein-nicht-ferngesteuertes-solarboot
https://science.lu/de/wasser-experiment/baue-eine-einfache-wasserrakete
https://science.lu/de/covid-19-homeschooling-experimenter/schiel-e-reit-ee-ouni-futti-ze-maaachen

Lued eng Foto vun denger Aktioun op **lgs.lu/scoutendoheem** erop.